

# **Zur Ried zur Lag vun der Natioun: Keng Visioun fir d'Zukunft vu Lëtzebuerg!**

Mir vermessen an der Ried eng kloer Zukunftsvisioun fir eist Land!

Pressecommuniqué, 27.4.2016

**Zur Ried zur Lag vun der Natioun: Keng Visioun fir d'Zukunft vu Lëtzebuerg!**

Mir vermessen an der Ried eng kloer Zukunftsvisioun fir eist Land!  
Lëtzebuerg wiest pro Joer ëm duerchschnëttlech 13.000 Awunner, wat en Wuesstem ausmécht vun 2,3% pro Joer (absolut Nummer 1 an Europa). Den 1-Millioun-Awunnerstaat wier deemno schonn laang virun 2050 Realitéit. An der Demographie nennt een dat "Bevölkerungsexplosioun".

Den héije Wuesstem, deen och erëm en héije Wuesstem an Zukunft voraussetzt, bréngt mat sech, dass iergendwann eis Kanner a Kandskanner d'Konsequenzen ze spieren kréien wann se d'Rad mussen ëmräissen.

Direkt bréngt den extrem staarke Wuesstem, baséierend op en staarkt Zouhuelen vun der Immigratioun an de Grenzgänger, ganz vill Problemer mat sech an huet Konsequenzen op eis Liewensqualitéit (Wunnengsnout, Verkéierschaos, Zesummeliwen, Integratioun, Ëmweltproblemer, Infrastrukturmangel a Verbauung).

**Op des wesentlech Fro liwwert den Staatsminister keng Äntwert. Mat kuerzfristegen Moosnamen sollen Symptomer bekämpft ginn!**

Mir stellen an der Declaratioun bedauerlecherweis fest:

- kee Wuert iwwert den Referendum lescht Joer
- kee Wuert iwwert den 1-Millioun-Awunnerstaat
- kee Wuert iwwert eis Sprooch
- Kee Wuert iwwert d'Immigratioun
- Kee Plang fir d'Integratioun

An dëser Ried schéint de wichtigsten Punkt ze sinn, d'Attraktivitéit fir d'Betribler ze steigere an ëmmer méi Aarbechtsplazen ze schafen - déi awer schlussendlech zu nach méi Verkéier an Wunnengsnout féieren an spéider vun eisen Kanner an Kandskanner wäerten mussen bezuelt ginn.

**Dofir stellt sech fir eis d'Fro op mir weider esou ee Wuesstem wëllen oder op et net aner Alternativen ginn.** Am Hibleck op eis Kanner a Kandskanner sollte mer de staarke Wuesstem an all seng negativ Konsequenzen hannerfroen!

Dat schéint de Staatsminister awer net sou ze gesinn wann hien seet: "Mir brauche keen Zukunftsdësch"]

